5. Projet de loi 4774 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Tchèque sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 17 novembre 2000

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf *(DP)*, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no de fantasteschen Explikatioune vum Här Gibéryen beim viregte Projet muss ech e bësse méi explizit ginn, fir dass mer genau wëssen ëm wat et hei geet.

De Projet 4774 betrëfft d'Konventioun, déi mer de 17. November 2000 mat der tschechescher Republik ënnerschriwwen hunn. Iwwert dës Konventioun ginn d'Rechter vun de Persoune garantéiert, déi successiv oder alternativ de Gesetzer aus den zwee Länner ënnerlouchen.

Et ass ze soen, dass dat hei eng Konventioun ass wéi Lëtzebuerg op bilateralem Plang der schonn eng Rei ënnerschriwwen huet. Anescht wéi mat der Konventioun mat Finnland ass, dass d'Tschechesch Republik nach net Member vun der Union européenne ass. Trotzdeem ginn och d'Dispositiounen aus dem Règlement communautaire 1408/71 iwwerholl. D'Konventioun geet wäit, sinn dach hei Gesetzer betraff wéi Krankheet, Maladie-maternité, Assurance accidents, Alterspensioun, Invaliditéit, Chômage, Kannergeld, asw., ausser d'Assistance sociale an d'Prestatioun vu Krichsaffer.

Och hei gëtt net gekuckt op d'Nationalitéit. Et geet duer, wann een an engem vun de Vertragspartnerlänner ofgedeckt ass, dann ass en och an deem anere Land ofgedeckt. Och hei geet d'Konventioun méi wäit wéi de Règlement communautaire, wou ee muss d'Nationalitéit vun engem EU-Memberstat hunn.

D'Prinzipien, déi ugefouert ginn, si gläiche Loun, Exportatioun vu Prestatiounen, d'Totalisatioun vun der Assurancëperiod. An engem zweeten Deel vun der Konventioun gëtt zréckbehale wat fir eng Gesetzgebung unzewenden ass. Am Prinzip ass et d'Gesetzgebung vum Land, wou ee grad schafft. Mat de Matrousen ass et d'Land vum jeeweilege Pavillon maritime. Och gëtt et Dérogatioune bei Détachementer, déi an der Zäit limitéiert sinn, prinzipiell limitéiert op ee Joer.

Am Transportwiesen ass et d'Législatioun vun deem Land wou de Siège vun der Entreprise ass. Weider hunn d'Vertragspartner ausgehandelt, dass de commun accord kann dérogéiert ginn, wann et sech géif erausstellen, dass et an der Konventioun Dispositioune gëtt, déi fir Persounen oder Kategorië vu Persounen inappropriéiert wieren.

An engem drëtten Deel gëtt et spezifesch Regele par rapport zu verschiddene Branchë vun der sozialer Sécherheet, zum Beispill d'Maladie-maternité.

Den Artikel 15 vun der Konventioun huet méi eng generell Partie. Déi tschechesch Gesetzgebung kennt nämlech d'Notioun "Familljememberen" net an dofir hu mir am Artikel 15A eng aner Konzeptioun, wéi dat normal de Fall ass bei eise bilaterale Konventiounen.

De véierten Deel vun der Konventioun bezitt sech op verschidden Dispositiounen, déi ee gewéinlech an internationale Bestëmmungen erëmfënnt.

An de fënneften Deel sinn déi transitoire a Schluss-dispositioune wéi d'Dauer vun der Konventioun an d'Droits acquis.

De Statsrot huet keng Observatioun zum Projet de loi. De Rapport ass an der Chamberskommissioun unanime ugeholl ginn an ech ginn dovun aus, dass och d'Chamber mat grousser Majoritéit wäert averstane sinn.

Elo dinn ech meng Kap als Rapporteur erëm of, fir ze soen, dass ech den Accord vun der demokratescher Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

Discussion générale

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et si wichteg Konventiounen, Här President, an dofir wëll ech och dem Rapporteur merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen en haut hei gemaach huet. Dëse Gesetzesprojet soll eng Konventioun tëschent Lëtzebuerg an Tschechien ratifizéieren. Dës Konventioun betrëfft de wichtege Beräich vun der Sozialversécherung.

De Rapporteur ass op déi technesch Detailer vun dësem Projet agaangen an ech wëll dofir net drop zréckkommen. Och wann am Ableck d'Zuel vun de Persounen, déi vun dëser Konventioun betraff sinn, kleng ass, esou ass et dach wichteg fir dës Persounen, dass d'Relatioun tëschent eisen zwee Länner am Beräich vun der Sozialversécherung am Detail geregelt gëtt, esou dass keng Onklorheet bleift.

Dësen Text ass och aus politescher Siicht wichteg, well et eent vun de Bäitrëttslänner bei der EU-Erweiderung däerft sinn. Dofir ass et och haut scho wichteg, dass Lëtzebuerg net waart bis Tschechien EU-Member ass, fir eng gutt bilateral Zesummenaarbecht ze garantéieren. An deem Zesummenhank bréngen ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Den Här Lucien Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Här President, et gëtt och gutt Grënn, fir där Konventioun mat Tschechien zouzestëmmen.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, och mir sinn domat averstanen.

M. le Président.- Den Här Marcel Glesener huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här President, mir hate schonn eis Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.-* D'Regierung freet sech iwwert déi breet Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4774 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean Colombera);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4756, en Ofkommes am Beräich vum Rentewiesen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Häre Glesener, Lux, Gibéryen a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

6. Projet de loi 4756 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérale d'Allemagne relative à la coopération dans le cadre de l'assurance insolvabilité des régimes complémentaires de pension, signée à Berlin, le 22 septembre 2000

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf *(DP)*, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi betrëfft d'Kooperatioun tëschent Däitschland a Lëtzebuerg am Kader vun der Assurance insolvabilité wat d'Regimer vun den Zousazpensiounen ubelaangt.

D'Konventioun gouf den 22. September 2000 zu Berlin ënnerschriwwen.

Am Artikel 21 vun eisem Gesetz vum 8. Juni 1999 betreffend d'Zousazpensioune steet, dass de Risque insolvabilité vum selwechten Organismus ofgedeckt gëtt wéi an Däitschland an zwar vum "Pensions-Sicherungs-Verein, Versicherungsverein auf Gegenseitigkeit".

Zënter 1980 besteet eng europäesch Direktiv, déi d'Memberstaten opfuerdert, dass d'Intérête vun de Salariëë garantéiert bleiwen, och wann den Arbeitgeber senge Verflichtungen net méi kann nokommen, zum Beispill wéinst Insolvabilitéit oder Faillite. Dës Obligatioun, de Risque d'insolvabilité vun der Entreprise ze assuréieren, steet am Artikel 21 vum Gesetz vun 1999. Do steet dran, dass d'Entreprise muss de Risiko verséchere bei engem "organisme dûment agréé par le Gouvernement".